FIRWAT BRAUCHE MIR D'VULLEN?

Bekämpfung vu Schädlingen

Ongeféier d'Hallschent vun all de Vullen ësst Insekten. Dofir kënne si géint sämtlech Populatioune vu Schuedinsekte kämpfen. Vill Gräifvullen an Eile friessen Mais a Raten, déi grousse Schued an der Landwirtschaft maachen.

Verbreedung vu Planzesom

En Drëttel vun all de Vullenaarte verbreet Planzesom an erméiglecht et de Planzen, nei Plazen ze besidelen. Esou gëtt eng geneetesch Isolatioun vun dëse Planze verhënnert.

Bestäubung vu Planzen

Ongeféier 900 Vullenaarten (ë.a. Kolibrien, Nektarvillercher) spillen eng wichteg Roll bei der Bestäubung vu Bléien. Verschidde Planze kënnen esouguer nëmme vun enger bestëmmter Vullenaart bestäubt ginn.

Asfriesser

Vill Vullenaarten (ë.a. Geier, Kueben, Gräifvullen, Méiwen) iessen doudeg Déieren an droen also zum Recycling vun der organescher Biomass bäi. Esou verhënneren si och d'Ausbreedung vu Krankheeten.

Birdwatching

Grouss Naturschutzgebidder mat vill Vullenaarten zéien d'Touristen un, wéi de Lac du Der, wou am November sech Dausende vun Huergänse ophalen.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.